



Um Filmfestival „Créajeune 2018“ an an der Masterclass vum Andy Bausch

E perséinleche Réckbléck vum Multimedia-Team „Schuman-Tube“ aus dem Lycée Robert Schuman

Lëtzebuerg. Zënter zéng Joer ass de Filmfestival „Créajeune“ eng fest Gréisst an der Lëtzebuenger Mediellandschaft. De Videoconcours fir Kanner, Jugendlecher a jonk Erwuessener gëtt ë. a. organiséiert vum saarlännesche Filmbüro an dem Service National de la Jeunesse. Fir di Jonk aus der Groussregioun ass et eng eemoleg Geleeënheet, hir Filmer a verschidde Kinoen op der grousser Leinwand ze erliwwen. D'Multimedia-Team „Schuman-Tube“ aus dem Lycée Robert Schuman war dëst Joer fir di zweete Kéier mat dobäi. 2017 haten di zwee Kuerzfilmer „James Hond cleans up“ a „Love ... nature!“ et ënnert di 70 Bäitrag gepackt, déi aus de ronn 130 Kontributione fir de Concours nominéiert goufen. Dëst Joer kruten d'„Schuman-Tube“-Schüler vum saarlännesche Filmbüro di erfrellech Nouvelle, datt direkt dräi vun hire Filmer fir de Festivalselektionéiert goufen, an zwar: den 1-Minute-Clip „A time to breathe“ iwwert di poetesch Kandheetserënnerung vun enger gestresser Hausfra, den onheemlechen „Basement Killer“ iwwert e Meedchen, wat an engem ënnerirdesche Parking verschwënnt, an den Documentaire „Lancement d'un ballon stratosphérique“ iwwert de spektakulären Helium-Ballon-Projet am Kader vun den Ateliers interdisciplinaires am LRSL.



Esouwuel de Festival wéi och de Rendezvous mam Andy Bausch waren eng flott Expéienz.

Gewise goufen di dräi Bäitrag am Februar am Théâtre du Saulcy zu Metz a schonn eng éischte Kéier am Januar beim Festival-Optakt zu Lëtzebuerg.

No der Projektion an der Cinémathèque hunn di jonk Cinéastes aus dem LRSL dem interesséierte Publikum nach eng Partie Hannergrondinformatiounen iwwer déi dräi Aarbechten an de Verlaf vum dokumentéierten Helium-Ballon-Experiment ginn. Am Nomëtteg hu Première-Schüler aus der Filmanalyse-Optioun a Membere vum „Schuman-Tube“-Comité sech op en Neits Rendezvous an der Cinémathèque ginn: Während

iwwer zwou Stonnekrute si am Andy Bausch senger Masterclass vum Lëtzebuenger Kultregisseur eng ganz perséinlech Aféierung a säi filmescht Wierk mat iwwer 50 Regie-Aarbechten am In- an Ausland.

Et gouf kaum e Sujet, deen den Andy Bausch net gesträift hätt - vun der wichteger Roll vum Rock'n'Roll als Inspiratiounsquell, iwwert säi groussen Interêt fir de Genre vun Documentaire bis hin zu der net ëmmer einfacher Zesummenaarbecht mat sengem „acteur-fétiche“ Thierry Van Werveke. Am Gespréich mat de jonke Leit huet den Andy Bausch awer och

mat munchen naive Klischeeën iwwert d'Aarbecht am Filmbusiness opgeraumt. An enger ganzer Partie vun tragesch-komeschen Anekdoten aus senger filmescher Vergaangenheet huet hie kloer gemaach, datt den Erfolleg him hei zu Lëtzebuerg net an de Schouss gefall ass - au contraire: Mol huet en ale Rollstull de professionelle Kameradolly op Schinne mussen ersetzen, well keng Suen do waren, mol sinn d'Dréiaarbechten zum éischten Deel vum „Troublemaker“ op onbestëmmten Zäit op Äis geluecht ginn, well den Andy alt erëm „pleite“ war a seng Filmmullen net konnt am Labo zu

Bréissel entwéckele loosse. Mais och no sengem Duerchbroch ass den Andy Bausch bescheide bliwwen - a mécht keen Heel doraus, datt säi Beruff generell keng bequeme finanziell Sécherheet bitt, wann e beispillsweis fir e filmeschen Optrag wochelaang muss op den Uruff vu engem Produzent laueren oder wann de Financement vun engem Projet trotz intensiver an zäitopwänneger Viraarbecht op der Kipp steet.


D'Reaktiounen, no der Diskusioun mam Andy Bausch, ware bei de Membere vum „Schuman Tube“ ganz verschidden: Während de Ben mengt, datt d'Filmerei sollt en Hobby bleiwen, spillt de Charel weiderhi mam Gedanken, spéider eventuell Filmregisseur ze ginn. An engem wesentleche Punkt awer sinn di jonk Filmmécher mam Andy Bausch enger Meenung: Obwuel d'Technik et de Jonken haut am iPad-Zäitalter vläicht méi liicht mécht, riskéieren, flott Projeten nach wie vor ze scheitern - engersäits, well sech net genuch motivéiert Schüler a Proffe fanne loosse an anerersäits, well deen néidege Budget duerch Experte vu bausse a munche Schoulen hei am Land net garantéiert ass.

Weider Informatiounen iwwer de „Schuman-Tube“ ginn et ënnert den E-Mail-Adressen marc.erang@education.lu oder schuman-tube@lrsl.lu

Marc Erang via mywort.lu

Japan und die japanische Sprache im Fokus

Botschafter Shigeji Suzuki zu Gast im Lycée de Garçons



Vertreter aus mehreren Lyzeen waren zugegen.

Luxemburg. Im Lycée de Garçons (LGL) fand eine Zeremonie mit dem japanischen Botschafter Shigeji Suzuki statt. LGL-Direktor Frank Eyschen begrüßte den Gast, der anschließend in Luxemburgisch und Englisch sprach. Weitere Ansprachen gab es vom Di-

rektor des Athenäums, Joseph Salentini, und der Attachée à la direction des Lycées Robert Schuman (LRSL), Nadia Kapp. Yurie Haag gab Erklärungen über die Sophia-Universität in Tokyo. Dann folgten elf Vorträge von Schülern der Japanischkurse im LGL, LRSL,

Athénée und im Lycée technique des arts et métiers auf Japanisch. Zwei Schüler zeigten Fotos von ihrer Japanreise und ein Student spielte japanische Musik auf seiner Geige.

Es war ein schöner Nachmittag für alle Beteiligten.

Kinder aus dem SEA Päiperlék Bourglinster zu Besuch im „Luxemburger Wort“



Luxemburg. Eine Gruppe von neugierigen Kindern aus dem Service d'éducation et d'accueil (SEA) Päiperlék aus Bourglinster stattete dem „Luxemburger Wort“ in Gasperich einen Besuch ab. Die Kinder wurden von Generaldirektor Paul Peckels und Séverine Chapelotte aus der Abteilung für Marketing und Kommunikation empfangen. Ihnen wurde das traditionsreiche Medienhaus mit seinen diversen Produkten vorgestellt sowie ein Film über die Entstehung der Zeitung bis zur Auslieferung vorgeführt. Danach besichtigten sie den Newsroom der LW-Redaktion. Dort stellte ihnen Online-Journalist Tom Ruedell die Koordinationsstelle der Redaktion vor. Zum Abschluss besuchten sie die Druckerei, wo ihnen Mitarbeiter Jerry Weber den Druckprozess veranschaulichte und einen Einblick in den Druckeralltag gewährte.

(FOTO: ANOUK ANTONY)

Werde mywort-Reporter!

Auf dieser Seite von „mywort - Die Zeitung in der Zeitung“ dreht sich alles um Schüler und Schule.

Ob originelles Projekt oder besondere Veranstaltung, Schüleraustausch oder Spendenaktion. Einfach Texte und Fotos unter www.mywort.lu hochladen und wir werden die Beiträge auf unserer myschool-Seite veröffentlichen.

